QP N°3750

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/03/2021

REÇU
Par Christine Wirtgen , 15:04, 02/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

Am Règlement grand-ducal du 17 août 2018 gëtt festgehalen, wéi d'Uniform vun der Police auszegesinn huet.

Normalerweis däerfen der Policeuniform keng individuell Accessoiren dobäigefüügt gi vum Porteur. An der Vergaangenheet gouf et am Ausland a rezent och hei zu Lëtzebuerg awer ëmmer nees Fäll, an deene Polizisten opgefall sinn, well se un hirer Uniform Symboler befestegt haten, déi näischt mam Policedéngscht, mee mat privaten Iwwerzeegungen a Verbindungen zur rietsextremer Zeen ze dinn haten.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll sinn der Regierung bekannt, an deene Polizisten un hirer Uniform Zeechen, Symboler oder aner Objete befestegt haten, déi net zu der Uniform gehéiert hunn?

2. Wéi vill Fäll sinn der Regierung bekannt, an deene Polizisten un hirer Uniform Zeechen, Symboler oder aner Objete befestegt hunn, déi net zu der Uniform gehéiert hunn an eng Verbindung zur rietsextremer Zeen haten?

3. Wéi vill Fäll sinn der Regierung bekannt, an deene Polizisten un hirer Uniform Zeechen, Symboler oder aner Objete befestegt haten, déi net zu der Uniform gehéiert hunn, an eng Verbindung zu aneren extremistesche Gruppen haten?
   Em wéi eng Gruppen handelt et sech?

4. Wéi ass d'Prozedur, wann ee Mataarbechter oder e Superieur feststellt, dass ee Polizist aus senger Entitéit Symboler dréit, déi net zur Uniform gehéieren?

5. Gi Fäll, an deene Poliziste Symboler un hirer Uniform droen, déi eng Verbindung zu rietsextremen oder anere gewaltbereete Gruppen hunn, anescht behandelt ewéi Fäll, an deenen d'Uniform duerch aner ästhetesch Verännerungen oder Accessoiren net konform ass?

6. Wat mëscht d'Regierung fir gewaltbereete Persounen a Mënschen, déi mat rietsextremen oder aneren extremistesche Gruppen sympathiséieren, aus dem Policedéngscht eraus ze halen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

**REÇU**
*Par Alff Christian , 09:31, 18/03/2021*

Luxembourg, le 18 MARS 2021

**Objet : Question parlementaire n° 3750 du 2 mars 2021 de Messieurs les Députés Sven Clement et Marc Goergen**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri Kox

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Henri Kox à la question parlementaire n° 3750 du 2 mars 2021 des honorables Députés Sven Clement et Marc Goergen**

D'Uniformen vun der Police si kloer virgeschriwwen. Dat ass wichteg fir dass de Polizist vum Bierger och direkt an eendeiteg erkannt gëtt. Doriwwer eraus, muss all Polizist an der Ausübung vun sengem Déngscht, politesch, reliéis a philosophesch neutral si fir all Bierger kënnen onbefangen ze hëllefen. Aus deene Grënn ass et de Polizisten net erlaabt d'Uniform eegestänneg ze modifizéieren.

**<u>Ad Froen 1, 2 an 3</u>**

D'Police féiert keng Statistiken heiriwwer.

Et ass och keen ofgeschlossene Fall bekannt wou e Polizist e Symbol oder en Zeechen op der Uniform befestegt hat, wat eng Verbindung zu der rietsextremer Zeen oder zu enger aner extremistescher Gruppéierung géif weisen. Allerdéngs ass, sou wéi d'Prozedur ënnert ad 5 beschriwwen ass, an engem ganz rezente Fall eng disziplinaresch Prozedur vun der Generaldirektioun vun der Police opgemaach ginn.

**<u>Ad Fro 4</u>**

Wa festgestallt gëtt dass e Polizist e Symbol oder en Zeechen dréit, dat net zur Uniform gehéiert, da soll en vun de Mataarbechter an Cheffen drop opmierksam gemaach ginn dass dat soll erofgeholl ginn. Wann de Polizist dat net mécht, da kann eng disziplinaresch Prozedur an d'Weeër geleet ginn.

**<u>Ad Fro 5</u>**

Am Fall wou et sech bei sou engem Zeechen oder Symbol ëm eent handelt wat a Verbindung mat rietsextremen Ideologien oder mat gewaltbereete Gruppe steet, gëtt d'office d'IGP (Generalinspektioun vun der Police) vun der Generaldirektioun vun der Police op Basis vum Artikel 24 vun dem Diszinplargesetz[1]saiséiert an mat enger „instruction disciplinaire" befaast. Jee nodeems ëm wat et sech handelt, kann et och zu stroofrechtleche Suite kommen.

**<u>Ad Fro 6</u>**

Den Artikel 58 vum modifizéierte Gesetz vum 18. Juli iwwert d'Police grand-ducale geseit eng « enquête de moralité » vir, déi virun all *admission au stage* duerchgefouert gëtt. Des Ennersichung soll et erlaben ze gesinn op en Kandidat déi néideg moralesch Qualitéiten matsech brengt fir den Polizeiberuff kennen auszeüben.

Zousätzlech ass iwwert Règlement grand-ducal virgesinn dass an der épreuve spéciale vum *examen concours pour l'admission au stage* an deene verschiddene Kategorien a Traitementsgruppen ennert anerem psychologesch a psychotechnesch Tester souwéi och en Entretien duerchgefouert ginn. E Kandidat kann doduerch eliminéiert ginn.

[1] *Loi du 18 juillet 2018 relative au statut disciplinaire du personnel du cadre policier de la Police grand-ducale.*